



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 14. Februar
2019



Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Ëmwelt, Klima nohalteg Entwécklung weider ze leeden.

An de leschte Méint a Woche war déi afrikanesch Schwengspescht vill an de Medien. D'Regierung huet och eng Task Force an Weeër geruff. Och de Bestand vun de Wëllschwäi war an ass heivu betraff.

Laut mengen Informatiounen sinn an de leschte Joren déi vum *Plan de tir de certains gibiers* festgeluechte minimal Unzuel un Déieren, déi misste geschoss ginn, net erreecht ginn. Sou sinn och an de leschten Joren z.B. $\pm 20\%$ manner Wëllschwäi geschoss ginn, wéi hätte missen.

Année cynégétique	2015/2016	2016/2017	2017/2018	Total	Moyenne
Plan de tir	5.967	5.967	5.967	17.901	5.967
Gibier tiré*	4.921	4.720	?	9.641	4.821
Différence	-17,5%	-20,9%	?		-19,2%


*Source Statec

Et gi momentan vill Diskussiounen ronderëm d'Klappjuegten. Och d'Ministeschen huet an der Äntwert op eng parlamentaresch Fro dovu geschwat, fir „eng Analyse vun der Praxis vun der Klappjuegd ze maachen“. Laut mengen Informatiounen ginn allerdéngs 80-90% vun de Wëllschwäin op dës Juegte geschoss.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Madamm Minister stellen:

- Kann d'Madamm Minister déi uewe genannten Informatiounen confirméieren?
- Ass et laut der Madamm Minister méiglech ouni Klappjuegten déi festgeluechte minimal Unzuel un Wëllschwäin ze schéissen?
- Wéi géing der Madamm Minister no d'Populatioun vun de Wëllschwäin ouni d'Klappjuegten evaluéieren?
- Wat sinn di präventiv an konkret Mesuren déi Regierung wéilt ënnerhuelen falls di afrikanesch Schwéngspescht hei am Land nogewise gëtt?

Här President, ech bieden lech mäin déifste Respekt unzehuelen.

A handwritten signature in black ink, consisting of several overlapping, fluid strokes that form a stylized, somewhat abstract shape.

Martine Hansen
Deputéiert



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 20 MARS 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
22 MARS 2019

Service central de législation
Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Question parlementaire 375

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°375 de l'honorable députée Madame Martine Hansen tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable,



Carole Dieschbourg



Réponse de la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable à la question parlementaire n°375 du 14 février 2019 de l'honorable députée Madame Martine Hansen

Kann d'Madamm Ministesch déi uewe genannten Informatiounen confirméieren?

Den Tableau vun der honorabler Deputéiert Madame Martine Hansen gouf hei ënnendrénger mat den Zuelen vun den als geschossenen deklaréierte Wëllschwäin aus dem Juegdjoer 2017/18 kompletéiert. Laut den Zuelen, déi d'Jeeër declaréiert hunn, wier also insgesamt fir déi 3-Joresperiod vum Ofschossplang (1. Abrëll 2015 - 31. März 2018) den Ënnerschied tëscht der obligatorescher Mindestunzuel vun Ofschëss (minimalen Ofschossplang) an dem reellen Ofschoss 1700 Wëllschwäin, also knapp 10%.

Année synagégique	2015/2016	2016/2017	2017/2018	Total
Plan de tir	5.967	5.967	5.967	17.901
Gibier tiré	4.921	4.792	6.487	16.200
Différence (Plan-tiré)	1.046	1.175	-520	1.701
Différence (%)	17,5	19,7	-8,7	9,5

Ass et laut der Madamm Ministesch méiglech ouni Klappjuegden déi festgeluechte minimal Unzuel un Wëllschwäin ze schéissen?

Ech wëll der Diskussioun rondrëm dëst Thema déi am Kader vun der Petitioun 1156 an der Chamber wäert stattfannen, net virgräifen.

Wéi géing der Madamm Ministesch no d'Populatioun vun de Wëllschwäin ouni d'Klappjuegden evaluéieren?

Wéi d'Populatioun ouni Klappjuegd géif evoluéieren, ass schwéier z'evaluieren. Wéi bei all Déirenaart géif och d'Populatioun vun de Wëllschwäin ouni Bejoug haaptsächlech duerch d'Nahrungsangebot gesteiert ginn. Vue dass mir a Westeuropa duerch de Klimawandel ëmmer méi méll Wanteren hunn, gëtt d'natiierlech Selektioun gréisstendeels ausgeschalt. Et muss een dovunner ausgoen, dass d'Wëllschwäinpopulatioun ouni Juegd géif weider klammen, zumindest an enger éischer Phase. Et gëtt also ugeholl, dat d'Populatioun vu Wëllschwäin nach net um Maximum ukomm ass. D'"carrying capacity" vum Liewesraum schingt nach net erreecht ze sinn.

Wat sinn di preventiv an konkret Mesuren déi Regierung wéilt ënnerhuelen falls di afrikanesch Schwéngspescht hei am Land nogewise gëtt?

Déi Mesuren déi d'Regierung geholl huet sinn an den Änwerten op virecht parlamentarësch Froen, notamment och vun der honorabler Deputéiert Madame Martine Hansen, duergeluecht ginn.